N° 7265
Entrée le 18.01.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Justizministesch Sam Tanson an dem Här Bildungsminister Claude Meisch op d'parlamentaresch Fro n°7265 vum 30. November 2022 vum honorabelen Deputéierten Sven Clement iwwert Gewalt an de Crèchen a Foyeren**

Den informatesche System vun de Justizautoritéiten erlaabt et net, déi gefrote ventiléiert Zuelen ze liwweren. Déi ënne gefouerten Zuelen ginn déi global Unzuel vun de Procès-verbaux a Signalementer am Beräich vum Jugendschutz déi un d'Parquete vu Lëtzebuerg an Dikrech gaange sinn un. D'Procès-verbaux bezéie sech majoritär op Mannerjäreger déi eng Strofdot begaangen hunn, mee se kënnen och mannerjäreg Affer concernéieren.

Et sief bemierkt, dass d'Procès-verbaux an d'Signalementer net zwéngend matenee verbonne sinn, vu dass e Procès-verbal net onbedéngt d'Suite vum Signalement ass.

### Activités des parquets de la jeunesse

| | | 2016 | 2017 | 2018 | 2019 | 2020 | 2021 |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| **Procès-verbaux** | Parquet Luxembourg | 2144 | 1791 | 1749 | 2221 | 1651 | 2237 |
| | Parquet Diekirch | 273 | 364 | 440 | 396 | 407 | 613 |
| | **Total** | **2417** | **2155** | **2189** | **2617** | **2058** | **2850** |
| **Signalements** | Parquet Luxembourg | 670 | 623 | 651 | 764 | 749 | 1021 |
| | Parquet Diekirch | 197 | 232 | 295 | 301 | 223 | 326 |
| | **Total** | **867** | **855** | **946** | **1065** | **972** | **1347** |

De Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend, féiert keng Statistiken, déi spezifesch op sexuell oder physesch Gewalt aginn. De Grond dofir ass, datt d'Enquête judiciaire feststellt, ob e Fall vu sexueller oder physescher Gewalt virläit. Aus der Perspektiv vun de Professionelle vun der Kandheet an der Jugend steet d'Wuel vum Kand am Mëttelpunkt. Besteet de Verdacht, datt d'Wuel vum Kand aus wéi enge Grënn och ëmmer a Gefor ass, sinn déi Professionell gehalen, e Signalement bei der Justice ze maachen.

Am non-formale Bildungsberäich fir Kanner (Crèche, Maison relais, Foyer scolaire, Dageselteren) sinn zanter 2011 dem Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend (MENJE) 20 esou Fäll bekannt, wou e Verdacht virlouch, datt d'Wuel vun engem Kand gefäerdet wier. A verschiddene Fäll huet de Ministère d'Signalementer um Parquet, deen hei zoustänneg ass, selwer gemaach op Basis vun Informatiouen, déi hie krut. An anere Fäll ass de MENJE doriwwer informéiert ginn, datt aner Leit, zum Beispill d'Elteren, eng Plainte gemaach hunn.

Hei d'Oplëschtung pro Joer, woubäi fir d'Joer 2010 keng Statistike virleien.

2011 : 3

2012 : kee Signalement

2013 : 3

2014 : 3

2015 : 3

2016 : kee Signalement

2017 : 1

2018 : 2

2019 : 3

2020 : 1

2021 : 1

Et ass ze bemierken, datt an dësem Beräich d'Strukturen net vum Staat selwer, mee vun externe Bedreiwer geréiert ginn. D'Signalementer mussen net iwwer de Ministère lafen, mee kënne vun den Elteren oder och vum Personal selwer gemaach ginn.

Wat d'Schoule betrëfft, sou si sämtlech Membere vun der Schoulcommunautéit dru gebonnen, am Verdacht op Mëssstänn vu sexueller oder physescher Gewalt ee Signalement ze maachen, woubäi eng zentraliséiert Erfaassung vun de Mëssstänn duerch de MENJE net virgesinn ass, well all eenzelnen Agent hei an der Responsabilitéit ass. Dat selwecht gëllt fir d'Institutioune fir Kanner.

Lëtzebuerg, den 18 Januar 2023.

D'Justizministesch

(s.) Sam Tanson